Dir Damen,

Dir Häre,

Och fir d'Verbraucher an d'ULC stellt dat transatlantescht Freihandelsofkommes tëschent der EU an den USA eng ganz grouss Gefor duer. Well hei sinn Normen vum Verbraucherschutz betraff, déi an Europa no Jorzehntenlaangen Verhandlungen duerch gesat konnten ginn.

Dann kann et éngem schons Angscht ginn, dass déi Errungenschaften mat esou engem Ofkommes tëschend der EU an den USA erëm an Froe gestallt ginn. Well schlussendlech geet et just ëm den Gewënn an ëm den Ofbau vun allen Handelsbarrièren, an dat e.a. op Käschten vum Verbraucherschutz an der EU.

Haut variéieren déi Regelen, siew dat am Verbraucherschutz, siew dat am Ëmweltschutz nach ganz staark tëschend den USA an der EU. An der EU baséieren se op der These, dass den Konsument par rapport vun den Professionnellen dat schwächsten Glied an der Ketten ass, also och am meeschten protégéiert muss ginn.

Des Weideren ass den Konsumentenschutz op den Regelen vum Pays de résidence vum Konsument opgebaut, an zwar all Kéier dann, wann hien an engem anneren Land aktiv dem potentiellen Client eng Offer meecht. Dës elementar Prinzipien mussen dann och fir déi amerikanesch Entreprisen zielen an dat virun allem an Punkto E-Commerce. Dat däerf fir eis kéng Diskussioun ginn, fir dës Regelen am Verbraucherschutz opzeginn resp. auszehiewelen.

Och am Beraich vun den gesondheetlechen- an Secherheetsnormen bei den Liewensmëttelen variéieren dës ganz staark tëschend der EU an den USA. An den USA sinn z.B. déi génétisch modifizéiert Liewensmëttelprodukter ouni déi obligat Etiketéierung, déi an Europa mussen berücksichtegt ginn, erlaabt. An der EU gëtt et dem Konsument erméiglecht opgrond vun Direktiven, Gesetzer an Reglementer an duerch Etiketéierung, den Wee vun der Hierstellung vun engem Produit bis an d'Geschäft ze retracéieren.

Den Konsument kann dann en toute connaissance de cause sain Choix treffen. An den USA gëtt et esou Regelen, déi en préventiven Charakter hunn an dem Principe de précautioun entsprangen, zum Deel iwerhaapt nët.

Dat selwecht trëfft fir d'Benotzung vun deenen sëllechen Zusätz bei den Liewensmëttelen, Hormonen an Antibiotiques bei der Viehzucht zou.

Den System vum Kontroll d'Origine gëtt och Ulass zu villen Kritiken virun allem bei den Wein- an den Mëllechprodukter. An schliesslech muss d'Fro gestallt ginn, wat mat den Regelen vun den Reckständ vun Pesticiden geschitt, wou d'Niveauen an der EU vill méi niedreg leien.

Am Domaine vun der Protectioun des Données bestinn ebenfalls fundamental Differenzen tëschend deenen 2 Systemer. Sou gëtt z.B. d'Recht op en Privatliewen **nët** an den Gesetzer vun den USA als en fundamentalt Recht unerkannt.

Als general Remarque siew nach gesot, dass d'USA och **nët** d'Virsichtsprinzipien unerkennen, déi awer bei eis en elementaren an fundamentalen Prinzip en matière vun der Liewensmëttelsecherheet an vun der Reglementatioun vun den chemischen Produkter duerstellen.

Die öffentlechen Instanzen respektiv Verbraucher mussen beweisen, dat en produkt gesonheetsschiedlech ass, an net den Hersteller dat et NET gesonheetsschiedlech ass. Also quasi en renversement de la charge de la Preuve zum Nodeel vum Konsument.

An der Realiteit besteet en ganz seriösen Risiko, dass den ganzen reglementarischen Kader, deen et den Konsumenten an Europa erlaabt Vertrauen an hier Liewensmëttelen, hier Medikamenter, hier Gebrauchsgüter ze hunn, an Fro gestallt gëtt. Déi besteehend Verbraucherschutzgesetzgebung an

Europa ass d'Resultat vun enger laanger Lobbyarbecht vun den Verbraucherschutzorganisatiounen. Dës Reglementatiounen däerfen nët a Fro gestallt ginn an zur Dispositioun stoen.

Vergiessen mir nët, dass d'Ziel vun engem Freihandelsofkommen déi wirtschaftlech Interessen vun der Industrie an den groussen Multien sinn. Den Benefice fir den Konsument ass nët recherchéiert.

Och ass ze befiirchten, dass déi legislatif Initiativen vun den EU-Member Länner wéinst den obligatoreschen Konsultatiounen tëschent den Signatäiren können blockéiert oder opmanst ofgeännert ginn, fir se konform zum TTIP ze setzen.

Virun allem giff d'Positioun vun deenen groussen Entreprisen gestärkt gin.

Den TTIP riskéiert och déi nei politesch Ideen vun der EU ze blockéieren oder opmanst ze bremsen, wéi z.B. d'Konzept vun enger zirkulärer Wirtschaft, déi sech doduerch auszeechend, dass kéng Offäll oder Emissiounen entstinn, déi d'Ëmwelt belaaschten.

D'Langliewegkeet vun den Produkter, hieren ekologeschen Design, Disponibilitéit vun Ersatzstecker. Also all dat, wat néideg ass fir vun der Wegwerfgesellschaft fortzekommen.

All dës Froen, d'Ontransparenz an d'Onsecherheeten sinn fir d'ULC an d'Verbraucher nët akzeptabel, well hei d'Gefor ganz einfach ze grouss ass, dass den Verbraucherschutz mat sou engem Ofkommes komplett ausgehiewelt gëtt. Duerfir ass och d'ULC ganz kloer an deitlech géint esou een Fraihandelsofkommes, well dat an Kontradiktioun mat engem effikazen an effizienten Verbraucherschutz steet.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet !